LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°1045 vum 22. Juli 2024 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

D'Ziel vum Gesetz vum 22. Mee 2024 iwwer verschidden Hëllefe fir de Wunnengsmaart ass et de Konstruktiounssecteur an och d'Handwierk ze stäerken, fir domat Aarbechtsplazen ofzesécheren, d'Offer vu Wunnengen unzekuerbelen a souwuel Keefer wéi och Locatairë bei der Wunnengssich ze ënnerstëtzen.

Eng Iwwersiicht iwwer all d'Moossname fënnt sech hei: Mesures - Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire (gouvernement.lu) / Mesures - Ministère des Finances (gouvernement.lu)

Wat de sougenannte „bëllegen Akt" fir d'Locatioun ugeet, gouf dësen, op den 31. Juli 2024, am Kader vun 33 Transaktiounen ugefrot an och accordéiert. 54 Leit hunn dovunner profitéiert. De Gesamtmontant vum Steierkredit, deen accordéiert gouf, beleeft sech op 904.035,93 Euros.

Vun 2260 Transaktiounen, wou de klassesche „bëllegen Akt" ugefrot gouf, gouf en 2217 Mol accordéiert an 43 Mol net accordéiert.

Lëtzebuerg, den 9. August 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth